# D'Philosophie hannert dem Programm *Natur genéissen*

*Natur genéissen* gouf lancéiert mam Zil, aarteräich Liewensraim op de landwirtschaftlech genotzte Flächen ze erhalen an d'Baueren ze motivéiere, fir zousätzlech Naturschutz an eng nohalteg Landwirtschaft op hiren Notzflächen ze bedreiwen.

De Programm riicht sech souwuel un konventionell wéi och biologesch Betriber. Am Kader vun enger *Natur genéissen* Konventioun mussen sech dës Betriber un eng Réi vun detailléierten Naturschutz- a Nohaltegkeetskrittären halen.

### Dat bedeit konkret:

- Fir de Naturschutz erfëllen d'*Natur genéissen* Produzente Krittäre mam Zil Liewensraim fir eenheemesch Déieren- a Planzenaarten z'erhalen. **All *Natur genéissen* Produzent** stellt mindestens **5 %** vu senger Produktiounsfläch fir Strukturelementer an naturno Flächen zur Verfügung.

- Fir kënnen hir Produiten iwwer *Natur genéissen* ze verkafe, setzen d'Baueren sech fir eng **nohalteg Produktioun** an, déi **d'Biodiversitéit, de Buedem-, de Waasser- a Klimaschutz** berücksichtegt. Dofir hale sie spezifesch Krittärskatalogen an déi speziell fir de Programm ausgeschafft goufen an déi zum Zil hun datt all *Natur genéissen* Produit de selwechten **héije Qualitéitsuferderungen a Nohaltegkeetsnormen** entspréchst.

*Natur genéissen* verbënnt déi konventionéiert landwirtschaftlech Betriber mat den Service d'éducation et d'acceuil (SEA) (Maisons relais, Crèches asw.) vun den deelhuelende Gemengen. Sou bitt de Programm eng wäertvoll Bréck tëschent der Produktioun an der Demande u regionalen a qualitative Liewensmëttel.

Fir d'Betriber déi Liewensmëttel produzéieren, déi an den ëffentleche Kantinne gefrot gi, ergëtt sech esou een zousätzlechen Ofsazmaart. A fir d'Awunner vun den deelhuelende Gemengen sinn esou gesond a nohalteg Produiten an de Kantinnen vun de SEAen assuréiert an eng lokal a gesond Ernärung kann aktiv gefuerdert ginn.

E *Natur genéissen* Produzent gëtt sengen Déieren adequat Fudder, engagéiert sech fir eng nohalteg Akerkultur oder e nohaltege Geméis- an Uebstubau a suergt fir eng déieregerecht Haltung. Domat leescht hien e wichtege Bäitrag zu der nohalteger Entwécklung vun der Landschaft an de Gemenge vu SICONA, dem Naturpark Öewersauer, dem Naturpark Our, esouwéi dem Natur- & Geopark Mëllerdall a kann aktiv deelhuelen un der Promotioun an der Sensibiliséierung fir eng nohalteg a gesond Iesskultur.

### D'Acteuren aus dem Programm *Natur genéissen* setzen sech a fir:

- eng nohalteg Produktioun vu Liewensmëttel no de *Natur genéissen*-Krittären.
- d'Schafe vun engem zousätzlechen Ofsazmaart fir déi lokal Produzenten.
- d'Veraarbechtung vu regionalen a saisonale Produiten an de Kiche vun de SEAen.
- eng gesond, bewosst an nohalteg Ernärung fir d'Kanner an de SEAen.